# d'Peffermillen

Am Fong ass d'DP nëmme logesch mat sech selwer, wa se proposéiert, su wäit wi méiglech all Hënnernësser géint d'Matbestëmmungsrechter vum Bierger z'éliminéieren. Duefir versteet de Koschter ganz gudd, dass den DP-Minister Henri Grethen proposéiert huet, de Paschtéier, awer och den Zaldoten oder de Gendaarmen asw. endlech dat passivt Walrecht ze gin. De Koschter hofft, dass en dervun kann ausgon, dass d'DP-Ministeren an –Deputéiert hirer liberaler Iwwerzeegung och trei bleiwe vis-à-vis vun den auslännesche Mattbierger, di net aus engem EU-Land kommen, an dass se deenen endlech och de Wee fräi man, fir un de Gemengewalen deelzehuelen. Mä prompt woren di Antiklerikal vum Déngscht am *Tagblatt* um Dill, fir der Däiwel un d'Mauer ze mole, wi wa muer d'Paschtéier géife am ganze Land Buergermeeschter gin. Grad an deem Punkt hätt de Koschter sech eng ganz aner Kritik erwaart: Di Propositioun vum Minister Grethen ass nämlech puer Schaumschléierei fir sech bei kathoulesche Wieler beléift ze man, well dem Klerus ass et säit der Reform vum Kiercherecht verbuede, bei politesche Walen ze kandidéieren! Weder d'DP nach di déclaréiert antiklerikal Parteie brauchen also hir Konkurrenz ze fäerten.

Lues mee secher fällt et net nëmmen dem Koschter op, dass mer zu Lëtzebuerg keng aktiv Denkmalschutzpolitik hun. An der Sëtzung vum 24.10.2001 – de Chamberbericht ass elo eréischt verdeelt gin – huet den CSV-Deputéierte Marcel Glesener verzielt: „Déi lescht Woch ware mer zesummen op enger Feier bei Galvalange. Do hunn eis eng Rei Spezialiste matgedeelt, dass d'Gefor besteet, wann net direkt eppes geschitt, dass déi zwee Héichiewen zesummefalen." Säin „dringenden Appell un eis Regierung" schéngt awer kee gehéiert ze hun. Di zwéin Héichiewen, di säit 1997 kal sin, raschte wieder, och wann se als national Monumenter klasséiert sin. Esou eng administrativ Mesür geet nun emol net duer, fir en historescht Denkmal z'erhalten. An de Rascht waart och net, bis di urbanistesch Pläng fäerdeg sin, well d'Erhale vun den Héichiewen huet mam Urbanismus glat näischt ze din.

An der EU-Etüd iwwert d'Präsenz vun de Staatsverwaltungen um Internet huet Lëtzebuerg jo grad su schlecht ofgeschnidde wi bei der PISA-Etüd vun der OCDE. Die eenzeg Verwaltungen, di et fäerdeg bruecht hun, di éischt an hirer Kategorie ze gin, sin di öffentlech Bibliothéiken, di zu 100% online wären. De Koschter gratuléiert ganz gär deene Verantwortlech fir déi Leeschtung an déi Unerkennung duerch onparteiesch Observateuren. Su gudd d'Internet-Präsenz vun der Nationalbibliothéik och ass, de Koschter kënnt awer nët derlaanscht sech iwwert di 100% ze wonnere, well e geséich awer nach Verbesserungsméiglechkeeten: Et ass z. B. net méiglech iwwert Internet en Zäitschrëfteband am viraus ze bestellen an 't kann een och keng Demande fir de Prêt international opgin. Dass et heiansdo laang dauert, oft méi laang wi fir op muench ausländnesch Unisbibliothéik, wann een op de BNL-Site wulle geet, suguer um Weekend, schéngt allerdéngs éischter dem staatleche Centre Informatique säi Problem ze sin: do si secher nach Verbesserunge néideg.

An enger als Artikel getarnter Reklam fir d'Firma Gérélux lueft d'*Tageblatt* vum 17.12.2001 dat gesond lessen, dat si an der neier Kantin vum LTPEM fir ronn 170 Schüler ubidd. Op der Foto gesäit een awer Cola, Fanta a Sprite op den Dëscher stoen ... Am LTML konnt d'Schoulcommunautéit mat ettlecher Méi duerchsetzen, dass och dat séisst Gedrénks huet missen Uebstjüen a Waasser Plaz man. De Koschter géif nawell gär wëssen, ob och an där neier Kantin Gérélux eng ‚vegetaresch' Pizza mat Speckgréiwen ubidd. Méi grave fënnt de Koschter, dass och an sou enger klenger Kantin net di Lëtzebuerger Bäcker a Metzler zum Zuch komm sinn, mä alt neess di franséisch Firma den Opdrag krut, di praktesch e Monopol an de Schoulkantinen huet.

Wi d'Schoul no der Chrëschtvakanz neess ugong, gouf dee Skandal publik, dass zu Dikkrech de Staat 1997 en alen Hotel kaf huet, fir doraus e neit Internat ze man, di staatlech Bauverwaltung awer refuséiert hei e Frang z'investéieren, sou dass elo 63 Schüler mussen an engem Hotel ënnerbruecht gin. Säit zéng Joer freet d'Direktioun vun der Hotelschoul no engem neien Internat; elo huet d'Inspection sanitaire dat aalt zou gemaach, well di hygienesch Konditioune suguer Schüler net mi zouzemudde waren. De Koschter kennt e Lycée an der Stad, wu säit sechs Joer e Gebei als baufälleg bekannt ass, an awer nach Physiks- a Chimiscoursen do gehal gin, bis et eng Kéier kraacht. Och hei sti säit sechs Joer di néideg Krediter am Staatsbudget fir nei Reim bei där Schoul ze bauen, mä di staatlech Bauverwaltung benotzt déi Sue Joer fir Joer fir aner Zwecker. De Koschter freet sech, ob et neess muss Doudeger gi wi virun e puer Joer am Lycée technique du Centre, ir déi Beamten gesot kréien, dass an enger Demokratie de Politiker décidéiert wou d'Prioritéite leien a net si.

**m.p.**

